"Chroniques sur l'an 40"

# Buch iwwer d'Juddeverfolgung zu Lëtzebuerg vum Denis Scuto

Den Denis Scuto huet en Donneschdeg säi Buch "Chroniques sur l'an 40. Les autorités luxembourgeoises et le sort des juifs persécutés" virgestallt.

Leschten Update: 13.06.2016, 14:03:12
20 Commentaire(n)
E-Mail schécken
Printen
Tweet G+1

Links
AUDIO: Buchvirstellung vum Denis Scuto / Reportage Ben Eich

Themen
Bicher
Kultur

Kultur: Am meeschte gelies
Haut | Gëscht | Dës Woch | Lescht Woch
1. USA: "The Voice"-Sängerin Christina Grimmie ermort ginn
2. Kulturhaaptstad 2022: Esch muss sech virun engem Jury presentéieren
3. FOTOGALERIE: De Chris Brown war e Sonndeg an der Rockhal
4. JOE BONAMASSA an der Abtei Neimënster: Gewannt 2 Ticketen an eng signéiert Gittar!
5. "Sensational London": Fotoe vum Paul Hilbert an der englescher Ambassad



© RTL Archivbild

Wéi eng Roll hunn déi lëtzebuergesch Autoritéite bei der Juddeverfolgung während der Nazi-Occupatioun an, an der Nokrichszäit gespillt? Dëse Froen hëlt sech den Historiker Denis Scuto a sengem Buch mam Titel „Chroniques sur l'an 40. Les autorités luxembourgeoises et le sort des juifs persécutés" un.

**Buchvirstellung vum Denis Scuto / Reportage Ben Eich**

00:00 00:00

D'Buch, dat vun der „Fondatioun Robert Krieps" publizéiert gëtt, ass en Donneschdeg virgestallt ginn an ass eng Sammlung vu Chroniken an Artikelen, déi den Unis-Professer fir d'lëtzebuergesch Zäitgeschicht zanter 2013 fir d'Tageblatt geschriwwen huet. Ustouss zu de Fuerschunge vum Denis Scuto huet ënner anerem och dem Vincent Artuso säin 2015 publizéierte Rapport zu der Roll vun der lëtzebuergescher Verwaltungskommissioun an der antisemitescher Politik vun 1940 – 1944/45 ginn.

An d'Opschaffe vun där Thematik ass laang iwwerfälleg, sot den Denis Scuto bei der Buchvirstellung, och wann hien, d'selwecht wéi anerer, déi sech mam Sujet beschäftegen, bei senge Recherchen nach dacks op Widderstand géif stoussen. A senge Chronike geet et dem Historiker an éischter Ligne dorëms Froen opzewerfen.


© RTL Archivbild

Doriwwer eraus geet et dem Historiker och dorëms d'Erkenntnisser an d'Ëffentlechkeet ze transportéieren, fir domat zu der ëffentlecher Memoire bäizedroen.

Während de Recherchen huet den Historiker och ëmmer rëm gemierkt, dass d'Diskussiounen ëm de Sujet vill Leit animéiert hunn, Eenzelschicksaler ze erzielen.

Iwwerdeems geet den Zäithistoriker dovun aus, dass d'Thematik an Zukunft méi staark wäert diskutéiert an traitéiert ginn, och well 2015 eng ganz rëtsch Gestapo-Dokumenter am Militärarchiv zu Vincennes opgetaucht sinn, déi sech ënner anerem och op Lëtzebuerg bezéien an de Moment vun der Uni Tréier ausgewäert ginn.

D'Buch gëtt et fir 30 Euro an alle Librairien oder bei der „Fondatioun Robert Krieps" selwer.